N°8147
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8147 vum 12. Juli 2023 vun der Madamm Deputéiert Diane Adehm an vum Här Deputéierten Marc Lies.**

De Comité d'indemnisation, dee presidéiert gëtt vun enger Magistratin, huet insgesamt 56 Dossieren vu Geschäftsleit traitéiert an 315.519,28 Euro un déi jeeweileg Societéiten iwwerwisen.

De Comité huet sech eng gemeinsam Reegel ginn fir d'Perten, déi wärend dem Chantier vum Tram vun de Geschäftsleit gemaach goufen, zu 50% ze iwwerhuelen

.Insgesamt goufen 18 Aiden accordéiert, 11 sinn nach am Gaang evaluéiert ze ginn. D'Haaptgrënn firwat 27 Dossier'en ofgeleent goufen, waren:

- de Betrib huet keng Perte gemaach wärend dem Chantier,
- d'Geschäft louch net um Chantier vum Tram,
- d'Geschäft ass opgemaach ginn wärend dem Tramschantier.

Ee Budget fir Indemnisatiounen gouf just fir d'Finanzéierungsgesetz vum Tram tëschent der Gare a Luxexpo vun der Chamber votéiert. Am Finanzéierungsprojet fir d'Verlängeren vum Tram op de Findel an op d'Cloche d'Or goufen keng Indemnisatiounen virgesinn.

Et gouf kee spezifeschen Budget oder eng spezifesch Opschlësselung fir d'Indemnisatiounen am Finanzéierungsgesetz fir de Bau vum Tram tëschent Luxexpo an der Gare Centrale. D'Indemnisatiounen goufen aus der Gesamtbausomme vum Gesetz ausgeschott.

Lëtzebuerg, den 3. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch